N°8301
Entrée le 02.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8301 vum 11. September 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

**Ad 1): Wéi ginn d'Schwellewäerter vun de mobille Radare geännert? Mussen d'Polizisten dofir op d'Plaz, geet dat mëttlerweil och schonn digital aus der Distanz oder mécht de Radar dat automatesch?**

Aktuell ass eng Ännerung vun de Vitesse-Schwëllewäerter bei mobille Radaren, sief et automatesch oder aus der Distanz, net méiglech an d'Poliziste mussen heifir op d'Plaz fueren. Déi fixe Radare kéinten technesch ugepasst ginn, mä dës Optioun gëtt awer net am Zesummenhang mat de Wiederkonditioune genotzt. Dëst aus de Grënn op déi an der Fro zwee agaange gëtt. Do dernieft sief bemierkt, datt aktuell keng fix Radaren op Plazen installéiert sinn, wou d'Vitesse bei Nidderschlag vun 130 km/h op 110 km/h erofgesat ass.

**Ad 2): Bei wéi vill Nidderschlag ginn d'Schwellewäerter ugepasst?**

De Code de la Route gesäit keng detailléiert Definitioun vum Nidderschlag fir, esou dass et am Ermiessen vum Beamten ass, fir situatiounsbedéngt ze appreciéieren, ob de Schwellewäert muss ugepasst ginn. Bei dëser Appreciatioun vun der Situatioun spillen e.a. folgend Facteuren eng Roll: d'Intensitéit vum Nidderschlag, den Zoustand deen Ament vun der Strooss an déi previsibel Dauer vum Nidderschlag.

Lëtzebuerg, den 2. November 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch